



LE GOUVERNEMENT
DU GRAND-DUCHÉ DE LUXEMBOURG
Ministère des Affaires étrangères
et européennes

Direction de la Défense

Äntwert vum Verdeedegungsminister a vum Minister fir d'Fonction publique op d'parlamentaresch Fro n° 7778 vum 16. Mäerz 2023 vum honorabelen Deputéierte Marc Goergen.

Zu de Froen 1, 3 a 5:

Den Zaldot huet e kontraktuell zäitlech limitéiert Engagement bei der Arméi. An der limitéierter Zäit vu sengem Engagement soll den Zaldot an éischer Linn um Terrain si fir militäresch Aufgaben z'erfëllen a sech op Asätz virzebereeden.

Den Zaldot ass kee Staatsbeamten an d'Zaldote falen och net an de *Champ d'application* vum Gesetz vum 1. August 2018 dat de CET am éffentlechen Déngscht agefouert huet.

Dem Zaldot säi Régime de travail ass aktuell duerch den *Accord relatif au temps de travail et de repos dans l'armée* vum 12. Juli 2019 gereegelt. Dësen Accord gesäit weder d'Applikatioun nach d'Aféiere vum CET fir d'Zaldote vir.

Dem Zaldot seng normal Aarbechtszäit gëtt, wéi den Artikel 4 vum Accord et virgesäit, iwwert en „Programme d'instruction“ gereegelt. D'Aarbechtszäit gëtt méttels engem Relevé enregistriert. Am Fall wou de „Programme d'instruction“ méi wéi 40 Stonne pro Woch virgesäit, kritt den Zaldot eng „Récupératioun“ am Relevé agedroen.

Nieft de normalen Aarbechtszäiten, hunn d'Zaldoten och Aktivitéiten déi zu der „Préparation opérationnelle“ gehéieren an duerch den Artikel 10 vum Accord vum 12. Juli 2019 gereegelt sinn. An deem Fall kritt den Zaldot eng „Compensation en nature“.

Et ginn e puer Ausname wou Zaldoten an engem Service schaffe wou se net vun 8 bis 12 an 13 bis 17 Auer schaffen. An deene Fäll gëtt hier Presenz via Personalmanagementsoftware (Interflex) kontrolléiert. An deenen anere Fäll gëtt d'Presenz vum Kader op der Plaz kontrolléiert.

Zur Fro 2:

Jo.

Zur Fro 4:

An der Magistratur gëtt et och keen CET.

Lëtzebuerg, den 16. Abrëll 2023

(s.) François Bausch
Verdeedegungsminister